Esch-Belval, den 29 Juni 2023.

Communiqué de presse

ACEL - De Studentebal 2023

Freides, de 14. Juli – beim P&R Bouillon, Lëtzebuerg
Déi 22. Oplag vum gréissten Open-Air Studentebal

D'ACEL (Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois) organiséiert dëst Joer déi 22. Editioun vu sengem traditionelle "De Studentebal". Zanter 2001 organiséiert d´ACEL dëse Bal an Zesummenaarbecht mat senge Membercerclen. Mëttlerweil gehéiert "De Studentebal" dann och zu deene gréissten Events am Land an ass ënner anerem dee gréissten Open-Air Studentebal zu Lëtzebuerg mat fir gewéinlech ronn 4500 Visiteuren. De ganzen Opbau vum Event gëtt gréisstendeels duerch de Comité vun der ACEL organiséiert an zesumme mat de Cerclen déi um Bal deelhuelen duerchgefouert. Mir fannen, datt d'Konzept vun der immenser Variatioun u Gedrénks, dëse Bal zu eppes ganz Besonneschem mécht an et dofir derwäert ass, dëst net ze verpassen!

D'lescht Joer war de Bal mat ronn 4500 Visiteuren ee vollen Erfolleg. De Gewënn vum Event geet integral un d'Cerclen déi um Bal deelhuelen an hëllefen. Dës finanziell Ënnerstëtzung ka soumat fir Aktivitéite wärend dem Joer genotzt ginn an d'Keess vum Cercle ënnerstëtzen, esou datt de Student:innen an deene verschidde Stied nach méi ugebuede ka ginn.

Un der dësjäreger Editioun huelen insgesamt 32 Cerclë vun der ACEL deel, dovu bidden 31 Cerclen e Cercle-spezifesche Cocktail un an ee Cercle versuergt all d'Gäscht vum Studentebal mat Iessen. Dëst Open-Air Event gëtt Schüler:innen a Student:innen d'Méiglechkeet, bei hoffentlech guddem Wieder, hier Frënn a Frëndinnen erëm ze gesinn an e schéinen Owend mat hinnen ze verbréngen éier si nees zréck an hir Studiestied mussen. Ofgesinn dovun, dass mir ons drëms këmmeren, dass jidderee Freed a Spaass huet, suerge mir ons och ëm d'Ëmwelt, esou dass mir onst Zil vun engem Greenevent dëst Joer erreecht hunn, dëst trotz verschiddene Schwieregkeeten.

Freides, de 14. Juli 2023 um 20 Auer start déi 22. Editioun vum "De Studentebal" op der Wiss niewent dem P&R Bouillon zu Hollerech. Vun 20 bis 22 Auer gëtt et eng Happy Hour. Fir d'Stëmmung am Zelt suergen dëst Joer den DJ Bisi an d' DJ Flees & Deys. De Präis am Virverkaf ass 10 € an Oweskeess 13 €. Detailer iwwer de Virverkaf a weider Informatioune fannt dir op Facebook, Instagram an um Internetsite www.acel.lu/studentebal/.

ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois

www.acel.lu
+352 20 60 84 84-1 | Présidente

contact@acel.lu
+352 20 60 84 84-3 | Vice – Président

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000
No RCS F969

SPUERKEESS
Partenaire officiel

Kontakt: **Ann BERTEMES**
Presidentin
ann.bertemes@acel.lu
+352 2060 8484 - 1

Kimon LENERS
Vizepresident Regruppement
kimon.leners@acel.lu
+352 2060 8484 - 3